

engem auslänneschen Text inspiréiert, mä mat enger europäescher Ouverture - droen hir Friichten.

Haut hu mir schonn dräi Hypothéikebanken zu Lëtzebuerg an anerer sinn amgaang examinéiert ze gi vun der CSSF.

Datselwecht gëllt fir en anert Standbeen wat mir amgaange sinn opzebauen, nämlech déi international Pensiounsfonten. Mat grousser Satisfaktioun hu mir gëschter deen éischten internationale Pensiounsfont konnten autoriséieren, nämlech dee vum internationale Grupp Unilever - en hollännesch-engesche Grupp -, déi decidéiert hunn hire Pensiounsfont hei zu Lëtzebuerg ze maachen, an dat op Grond vum Gesetz iwwert d'Assepen an d'Sepcaven, dat virun engem Joer hei an der Chamber gestëmmt ginn ass. Do gesäit een, datt och bei deem Standbeen vun der Finanzplaz sech eppes deet.

Ech mengen et ass dofir wou mir sollen zesummen déi Démarche fir d'Aktivitéit vun der Finanzplaz, déi och am Intérêt vun der globaler Economie a vum Bien-être vun eisem Land ass, viru féieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4632 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen eestëmmege ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par Mme Maggy Nagel);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Ben Fayot);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagoner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Als nächste Punkt op eiser Dagesuerdnung hu mir d'Proposition de loi 4633 vum Här Jean-Pierre Klein iwwert de Congé de formation fir d'Memberen aus de Gemengeréit.

Esou wéi et am Artikel 59 (3) vum Chamberreglement festgehalen ass, stinn dem Auteur vun der Proposition de loi, der Regierung an deene 5 Fraktiounen jee weils 10 Minutte Riedezäit zur Verfügung.

Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Graas, Gibéryen a Gira.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Jean-Pierre Klein.

7. Proposition de loi 4633 de M. Jean-Pierre Klein portant introduction d'un congé de formation pour les élus locaux

M. Jean-Pierre Klein (LSAP), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass gewosst, datt déi allermeescht Gemengevertrieeder net kënne Spezialist sinn, wa si hir Funktioun untrieden, an dat an enger Matière a Législatioun, déi ganz spezifesch ass. Dat ass och e ganz vasten Domaine.

Si gi bei hirer Aarbecht selbstverständlech begleet vun hire Leit an der Verwaltung, déi meeschtens gutt forméiert sinn. De Gemengevertrieeder ass a wäert och an Zukunft op déi loyal Zesummenaarbecht a Berodung vu senger Mataarbechter musse kënne zielen.

De Mandataire vun enger Gemeng däerf awer net ausschliesslech op seng Verwaltung an technesch Dëngschter ugewise sinn. Et muss him d'Méiglechkeet gi ginn, fir dem Bierger Ried an Äntwert ze stoen, ouni datt hien dee muss bei all Geleeënheet bei d'Verwaltung schécken, fir Satisfaktioun ze kréien.

Dofir muss him d'Geleeënheet gebuede ginn, fir sech dat néidegt Wëssen unzëeegnen an a verschiddene Situatioune kënne autonom ze sinn, fir net op déi aner ugewisen ze sinn. Dat Wëssen an dat Kënnen, wat hie sech erschafft, wäert him seng Aarbecht och erliichteren. E gutt informéierten a forméierten Mandataire ass och e Virdeel fir d'Verwaltung, déi en face e Mann oder eng Fra huet, déi am Bild sinn iwwert d'Ofwécklung vun de Gemengegeschäften.

D'Wëssen an d'Kenntnisser vun de Gemengevertrieeder verschafen hinne Selbstvertrauen. D'Wëssen an d'Kenntnisser erliichteren hinnen den Entscheidungsprozess, deen oft mat enger Responsabilité pénale oder Responsabilité civile verbonnen ass. D'Gesetzer an d'Reglementer, déi de kommunale Beräich betreffen, si vun enger grousser Zuel a streckeweis vun enger grousser Komplexitéit.

Fir an de Besëtz vun deenen néidege Kenntnisser ze kommen, fir seng Funktioun anstänneg auszeüben, sief dat als Buergermeeschter, Schäffen oder Conseiller, muss deem Betreffenden e Recht op Formatioun gebuede ginn.

Fir dat Recht auszeüben, müssen him déi néideg Zäit a kompetent Leit zur Verfügung gestallt ginn. Dofir ass och eng adequat Infrastruktur eng Selbstverständlechkeet. Deem Recht op Formatioun soll een eng rechtlech Basis verschafen, an dofir dës Proposition de loi.

De SYVICOL huet an de Méint no de Gemengewalen an Zesummenaarbecht mam Ministère de l'Intérieur Formatiounscouren organiséiert. Si haten e grousser Succès, souwuel wat d'Zuel vun den Interessenten ubelaangt, wéi och d'Validitéit vun de Coure selwer.

Dat war e Bewäis vun Intérêt a justifiéiert och d'No-fro fir e Recht op Formatioun an op spezielle Congé, fir Couren ze suivéieren, an zwar hunn ech virgesinn, fir an enger Period vu sechs Joer sechs Deeg Congé ze accorderen; besonnesch déi éischt Cours d'initiation sollten e puer Deeg anhuelen, ier de Gewieltenen untrëtt, fir sech déi néideg Kenntnisser ze verschafen, an de Rescht soll da verdeelt ginn op déi Joren duerno, fir eng Formation continue ze garantéieren.

Fir de Fonctionnement vun dëser Institutioun müssen e puer Punkte kloer gestallt ginn. D'Strukture müssen définiert ginn. De Ministère de l'Intérieur an d'Gemenge si capabel, fir dës Formatioun ze organiséieren, an dat besonnesch beim Untrëtt vun deene Gewieltenen.

De Ministère de l'Intérieur ass gutt placéiert, fir esou eng Formatioun an de Kader vum Institut national d'Administration publique ze integréieren. Da brauche mer keng aner Infrastruktur, a kompetent Chargés de cours sinn op der Plaz.

Wat den Inhalt vun de Couren ubelaangt, soll de Programm ausgeschafft gi vum Ministère de l'Intérieur, assistéiert vun engem Organismus, wouranner selbstverständlech d'Gemenge musse vertruete sinn.

Iwwer wat muss onbedéngt geschwat ginn? D'Gemengegesetz, eng Selbstverständlechkeet, de Budget, d'Konten, d'Finanzen en général, den Urbanismus, den Naturschutz, d'Marchés publics, d'Gestioun vum Waasser an de Code de la Route. Dat ass e ganz vasten Domän. Et ass net alles, wat ech opgezielt hunn. Do kommen nach aner interessant a wichteg Punkten dobäi, fir ënnersicht ze ginn.

Fir d'Couren ze suivéieren, muss den Interessent vu senger Aarbecht fräigestallt ginn an e Congé de formation kréien. De Finanzement vun deem Ganzen, de

Congé fir d'Participatioun ginn zu Laaschte vun de Gemengen. D'Infrastruktur an d'Indemnitéit fir d'Chargés de cours wieren à charge vum Stat.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dat zu dëser Proposition de loi.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

Discussion

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Fonctionnement vun eisen 118 Gemengen hei am Land berout jo zu engem groussen Deel um Benevolat, well all Gewieltenen um kommunale Plang seng Fonctioun éierenamtlech ausféiert. Et ass dat ouni Zweifel eng Tatsaach, déi een net ënnerschätze soll, an ech mengen, et sollt een emol all deene Leit e grousser Respekt aussprechen, déi sech um kommunale Plang fir d'Cause publique hierginn.

Datt dat mat ville Sakrifisser um perséinleche Plang verbonnen ass, dat weess jiddereen, an et sinn der jo eng gutt Rei heibannen, déi um kommunale Plang engagéiert sinn. Dat geet och oft zu Laaschte vum Privatlewen, onofhängeg ob een elo Buergermeeschter, Schäffen oder Conseiller an enger Proporz- oder an enger Majorzgemeng ass.

Sécher huet d'Gemegepolitik am Laf vun deene leschte Jorzéngten eng ganz nei Dimensioun krut. D'Zäiten, wou d'Geschäfte um lokale Plang sech nëmmen op klasesch Froe wéi Feldweeër a Waasserleitungen limitéiert hunn, si mat Sécherheet eriwuer. Haut ass eng Gemeng, an och déi klengst Gemeng, e regelrechte Wirtschaftsbetrieb ginn, wou eng ganz Rei Déngschtleeschungen de Bierger müssen ugebuede ginn.

Besonnesch nei Servicer - an ech denken hei an éischter Linn u sozial Leeschtungen - hunn d'Palette vergréisert. Dat ass och d'Resultat vun Ännerunge vun de Strukture vun eise Familljen.

Décisiounen, déi um Niveau vum Législateur geholl goufen, gi jo oft um kommunale Plang ëmgesat. Dat bréngt nei Erausforderunge fir d'Gemenge mat sech a stellt souwuel d'Personal wéi awer och déi gewielte Vertrieeder viru ganz grouss an nei Problemer.

An enger Zäit, wou de Wandel permanent ass, muss ee virun allem beschdens informéiert sinn a sech och regelméisseg weiderbilden. D'Formatioun ass also ouni Zweifel zu engem wichtege Bestanddeel vum deegleche Liewe ginn. Wann ee wëllt am beruffleche Liewe réusséieren, muss ee praktesch Dag fir Dag bereet sinn, sech neien Erausforderungen ze stellen. Dat nennt ee jo «life-long-learning».

Et besteet keen Zweifel, dass och déi politesch Mandatairen um kommunale Plang all Intérêt drun hunn, sech ëmmer erëm mat der kommunaler Gesetzgebung ze beschäftegen. D'Kollegen, déi e Mandat um kommunale Plang hunn, wëssen och, dass d'kommunal Gesetzgebung ganz komplex ass, a kee kann u sech fir sech an

Usproch huelen, dës Gesetzgebung bis an de leschten Detail ze kennen.

Ech sinn awer der Meenung, dass d'Politik vill méi Freed mécht a mat Sécherheet och vill méi effikass ass, wann ee grondlegend Kenntniss vum der Législatioun huet. Da kann ee mat Sécherheet och vill méi Verständnis fir déi eenzel Problemer opbréngen, an et kann een och besonnesch vis-à-vis vum Bierger besser Ried an Äntwert stoen, wann een déi néideg Kenntniss iwwert d'Législatioun huet.

Vum Prinzip hier ass d'Demokratesch Partei also mat der Propos vum Deputéierte Jean-Pierre Klein d'accord, wat d'Formatioun vum de gewielten Verrieder um kommunale Plan ubelaangt, a mir sinn och der Meenung, dass se ouni Zweifel muss verbessert ginn.

Et wier dat och e wichtige Beitrag, fir déi politesch Kultur hei zu Lëtzebuerg méi räich ze maachen. Deen Eenzelnen ass natierlech an éischter Linn gefuerdert. Hie muss bereet sinn, säin Amt gewëssenhaft auszuféieren, an dozou gehéiert nun emol och déi permanent Weiterbildung. Den individuellen Asaz muss also matbestëmme sinn iwwert de Bildungsgrad vum deem eenzelne Gewielten. D'Formatioun huet jo um kommunalen Niveau eng gewëssen Traditioun. Zënter Jore ginn all Joer zu Schëmpech, respektiv zu Walfer esou Couren ugebueden. Si sinn zwar fakultativ, mä wann ee gär Allongement a gewësse Graden hätt, dann ass et evident, dass een déi Coure muss besichen.

Fir déi Gewielte bitt jo de SYVICOL all Kéiers um Ufank vum enger neier Mandatsperiod esou Couren un, déi dëst Joer och mat Ënnerstëtzung vum Ministère de l'Intérieur organiséiert gi waren, an et muss ee soen, dass déi Couren e groussen Zoulaf hunn, wat jo och de Bewäis ass, dass eng gewëssen Nofro bei de gewielten Verrieder ass, fir sech ze forméieren.

Domadder hält am Prinzip déi öffentlech Formatioun vum de Gewielten op. An dësem Kontext sinn ech allerdéngs der Meenung, dass déi Formatioun soll uniform sinn. Dat heescht, et soll een net eng separat Formatioun fir Buergermeeschteren, Schaffen a Conseillere maachen, mä si soll allgemeng fir sämtlech gewielte Verrieder sinn. Mä wéi gesot, déi Formatioun ass vum öffentlecher Säit dee Moment agestellt, obwuel et jo parteiintern nach Struktur gëtt, déi dozou bäidroen, dass eng permanent Formatioun stattfënnt. Ech denken un eenzel Gemengeconseillere, Verbänn, déi an deenen eenzelne Parteien bestinn. An der Demokratescher Partei ass dat d'FCCD, d'Fédération des Conseillers communaux démocrates.

D'Demokratesch Partei ass also mam Här Klein d'accord, dass nach mussen eng Rei vun Ustrengunge gemaach ginn, wat d'Formatioun vum de gewielten Verrieder betrëfft. Dat soll natierlech vu kompetenter Säit aus geschéien, wéi dat jo och an der Proposition de loi festgehalen ass. Mir denken natierlech och do an éischter Linn un d'Beamten aus dem Inneministère.

A wat een hei och nach muss ënnersträichen, dat ass, dass besser forméiert Kommunalpolitiker ouni Zweifel och dozou bäidroen, dass ee besseren administrativen Oflaf an deenen eenzelne Gemenge ka stattfannen.

Den Här Klein ass des Weiteren der Meenung, dass d'Fräe vum der Formatioun misste vum de Gemengen, respektiv vum Stat gedroe ginn. Ech sinn do ganz senger Meenung. Ech fannen, dass ass eng Selbstverständlechkeet.

Et kann ee sech virstellen, dass zu dësem Moment den Inneministère vläicht nach kënnt zousätzlech Effort maachen, andeems en zum Beispill eemol d'Joer all Gewieltenen sommairement géif zoukomme loosse, wat fir eng wichteg Gesetzer, mä virun allem, wat fir eng wichteg Règlements grand-ducaux am Laf vum Joer gestëmmt goufen, a Kraaft getruede sinn, wat eben direkt d'Gemengepolitik ubelaangt, well do awer oft Nachholbedarf besteet. Sécher kann een engem da virwerfen, et soll ee seng Mémorialen all Dag consultéieren, mä mir wëssen awer, dass de Volume vum deene Mémorialen an deene leschte Jore schrecklech zougeholl huet an een och net jidderengem kann zomudden, all Mémorial vum där éischter bis zur leschter Zeil duercheziesen. Ech mengen, dat wier e klengen Denkoustouss, wéi een och kënnt d'Informatioun vis-à-vis vum deene gewielten Verrieder verbesseren.

Mir wëssen natierlech och als Kommunalpolitiker, dass et schwéier ass, déi beruflech Verflüchtungen mat deene Verflüchtungen als lokale Mandataire ze verbanne. Den Zäitopwand, fir politeschen Engagement nozokommen, ass immens grouss, besonnesch wann ee Member vum engem Schännerot ass. Dat stellt eng Rei vu Kolleegen viru gréisser Problemer.

Et war dofir begrëssenswäert, dass de Législateur 1988, wéi d'Gemengegesetz gestëmmt ginn ass, dunn och de Congé politique agefouert huet. Haut muss mer allerdéngs feststellen, dass déi accordéiert Stonnen, déi jo an deenen eenzelne groussherzogleche Reglementer vum 6. Dezember 1989, vum 19. Abrëll 1994 a vum 8. Dezember 1996 ageschriwwen sinn, net méi duerginn.

Ech huelen zwee Beispiller: Mat aacht Stonnen d'Woch ass an enger Gemeng, déi manner wéi 1.000 Awunner huet, de Buergermeeschter mat Sécherheet awer iwwerfuert, fir do kënnen d'Geschäfte an der Woch iwwert d'Bühn ze bréngen.

Datselwecht gëllt fir déi grouss Proporzgemengen. Do schléissen ech emol d'Stad Lëtzebuerg nach aus. Mä aner gréisser Gemenge brauchen haut quasi Leit als Buergermeeschter an als Schaffen, déi dat als «full-time-job» ausféieren, wat jo awer trotzdem hautdesdaags fir eng Rei vu Leit net méiglech ass.

Ech bedauern dofir e bëssen, dass den Inneminister u sech op deem Punkt do manner uspreechbar ass. Mir haten hei gelegentlech vum den Debatten iwwert de Budget eng Motioun gestëmmt, déi mat ganz grousser Majoritéit ugeholl ginn ass, wou eng Adaptatioun vum Congé politique gefuerdert ginn ass. Ech mengen, et sollt een

awer dee Sujet nach eng Kéier op de Leescht huelen. Et sollt een nach eng Kéier eeschthaf driwwer diskutéieren, well een awer spiert, datt eng grouss Demande vun de Lokalpolitiker do ass, fir virun allem do eng Adaptatioun virzehuelen. D'Regierung huet jo elo kierzlech décidéiert, datt d'Buergermeeschteren an d'Schäffen eng Adaptatioun vun hiren Indemnitéite solle kréien, wat mat Sécherheet net falsch war, mä ob dat de Problem vun der Disponibilitéit léist, dat woen ech allerdéngs ze bezweifelen.

An deem Sënn hei trotzdeem d'Propos, fir iwwert de Congé politique nach eng Kéier haart nozedenken.

Firwat an dëser Diskussioun elo iwwerhaapt iwwert de Congé politique schwätzen, firwat e Lien herstellen tëscht Congé politique a Congé de formation, wéi den Här Klein et virschléit?

Nun, mir sinn der Meenung, dass, wann eng Adaptatioun vum Congé politique kéim, een dann net onbedéngt bräicht iwwert de Congé de formation iwwerhaapt ze diskutéieren. Well mir müssen och oppassen, dass mer net zevill eng grouss Palette vu Congéen aféieren, well gläich huet een net méi den Iwwerbléck iwwert déi sëllech Congéen, an dat ass dee Punkt, Här Klein, wou mir éischter der Meenung sinn, et sollt een emol fir d'éischt déi bestehend Instrumenter benotzen, spréich Congé politique, fir ze kucken, wat dat fir e positiven Impakt kann hunn, well Formatioun heescht jo elo net nëmmen a Coure goen. Formatioun heescht och, Dossiere studéieren. Formatioun heescht och, sech mat der Législatioun auseneenzesetzen, Gesetzestexte studéieren, Dossiere méi am Fong nokucken.

Mir sinn der Meenung, dass, wann ee méi Congé politique zur Verfügung hätt, een da kënnt mat Sécherheet der Formatioun och scho méi gerecht ginn, sou dass een déi Diskussioun sollt emol fir d'éischt féieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Proposition de loi vum Här Klein huet mat Sécherheet de Mérite - an ech mengen, de Mëtteg gëtt hei och schonn d'Beispill geliwwert -, datt eng méi fundamental Diskussioun iwwert de Rôle vum Gemengepolitiker gefouert ka ginn. An dëser Proposition si mat Sécherheet eng Rei vu gudden Denkestéiss enthalten, déi mir och kënnen zu engem gudden Deel droen. Mir sinn allerdéngs der Meenung, datt dës Proposition de loi soll fir d'éischt op méi engem breeden Niveau diskutéiert ginn, sief dat innerhalb vun de Parteien, sief dat natierlech och innerhalb vun der zoustänneger Kommissioun vun den Affaires communales.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Proposition de loi vum Kolleg Jean-Pierre Klein huet jiddefalls de Mérite, dass mer haut eng weider Kéier kënnen heibannen iwwer eng Problematik diskutéieren, déi de meeschte Gemengeresponsablen uewe läit. Ech kann dofir direkt soen, dass vun

eiser Säit aus mir dës Proposition ënnerstëtze kënnen, well mer einfach der Meenung sinn, dass e groussen Nohuelbedarf um kommunale Plang besteet.

Mir wëssen, dass d'Matière ëmmer méi komplex gëtt, an ech brauch dat net nach eng Kéier hei am Detail ze développéieren; meng zwee Virriedner hunn dat scho gemaach.

Eis Fonctionnairen op de Gemengen hunn eng gutt Formatioun a sinn der Situatioun gewuess, mä et wär och wichteg, dass déi kommunalpolitesch Responsabel parallel derzou och eng Formatioun kréichen. Ech mengen domat net eng Formatioun, déi an d'Déift erageet, mä eng méi breetgefächert, méi eng allgemeng Formatioun iwwert d'Gesetz, iwwert d'Prozeduren, iwwert d'Administratiounen a virun allem, wat d'Rechter an d'Flichte vun deenen eenzelne Membere vum Gemengerot betrëfft.

Dat géif sécherlech zu engem Wuesstum vun der Qualitéit vun der Gemengepolitik bäidroen, besonnesch vis-à-vis vum Bierger, dee permanent mat Doléancen un déi Gewielten eruntrëtt, awer och vis-à-vis vun den Entreprises. Ech denken u grouss Lotissementer, wou virun allem de juristeschen Aspekt ëmmer méi e grousst Gewicht kritt; och wat d'Gemengefinanzen a wat d'Diskussioun an de Gemengeréit ubelaangt.

Mir gesinn, dass d'Matière ëmmer méi komplex gëtt. An an dëser Enceinte sëtze jo eng ganz Rei vu Kommunalpolitikern, an déi hunn nach vläicht d'Chance, fir kënnen d'Chamber als eng gewëss Schoul ze profitéieren, a si kréie viles mat, wat aner Kollegeen a Kolleginnen, déi an de Gemenge sëtzen, net matkréien, déi doduerch benodelegt sinn. Dofir ass et eis Flicht, fir ze kucken, dass jidferen, deen hei am Land sech schonn hiergëtt, fir e kommunalpolitescht Mandat unzuhuelen, e Maximum vun dësen Informatiounen kritt.

Ech hunn dofir an der Interpellatioun vum Kolleg Gira a mir, déi kierzlech iwwert d'Gemengefinanze war, vun eiser Säit aus zwou Motiounen abruucht, déi vum Parlament och ugeholl gi sinn. Eng Motioun geet an déi Richtung, dass d'Regierung soll eng Dokumentatioun zesummestellen iwwert déi Subsiden, déi fir d'Gemenge méiglech sinn, a wat fir enge Ministère an ënner wat fir enge Konditiounen oder Kritären dat ka gemaach ginn, respektiv dass all Joer e Rapport annuel géif erauskommen, wellech Subside verdeelt gi sinn an op Grond vu wat fir enger gesetzlecher Basis a budgetäre Kreditter déi bewëllegt gi sinn.

Dat soll och derzou dingen, fir méi Transparenz an d'Gemengepolitik ze bréngen, fir dass all Gemeng an all Gemengegewieltenen déiselwecht Méiglechkeeten a Chancen huet, fir kënnen am Interesse vun de Bierger ze agéieren.

Dofir geet dee Congé de formation, deen an der Proposition de loi vum Kolleg Klein proposéiert gëtt, doudsécher an déi richteg Richtung. Mir hu schonn dären Congé de formation eng Hellewull an dësem Land. D'Gewerkschaften hunn es, d'Pompjeeën, de Sport an

esou weider. Dofir ass et scho wichteg, dass mir doriwwer diskutéieren. Et muss een awer e Lien maache mat der gesamter Struktur vun de Gemengegewieltenen, an do denken ech virun allem un déi Zäit, wou mir Congé politique fir d'Gemengevertrieder kréien.

Do hu mir de 16. Dezember 1999 - et ass nach net all ze laang hier, an de Kolleeg Gusty Grass huet elo grad driwwer geschwat - eng Motioun an der Chamber, déi vum Jeannot Krecké deponéiert gi war, mat ganz grousser Majoritéit ugeholl, wou praktesch all d'Parteien, zumindest d'LSAP, déi Gréng, den ADR an d'Demokratesch Partei, unanime derfir gestëmmt hunn. Bei der CSV huet een der fonnt, déi derfir waren, der, déi dergéint waren, an der, déi sech enthalen hunn. Et ass also an deem Sënn scho bal eng richteg Vollekspartei bei der Ofstëmmung gewiescht.

(Interruptions diverses)

Jiddefalls hu mer festgestallt, dass mer eng breet Meenung haten. Et ass dofir unzehuelen, dass den Innenminister an d'Regierung deem Wonsch - well et ass net nëmmen e Wonsch, dee vun de Gemengevertrieder a vum SYVICOL virgedroe ginn ass, mä zënter dem 16. Dezember ass et och e Wonsch vun dësem Parlament -, fir de Congé politique auszubauen - well d'Regierung ëmmer seet, se géif grouss Respekt virum Parlament weisen -, eng positiv Suite wäerte ginn.

Den Inneminister ass higaangen an huet deklariert, d'Indemnitéit vun de Schäfferéit géife 16% an d'Luucht goen. Do muss ech Iech soen: Dat huet kee vum Hocker gerappt. Et huet awer dobauss bei de Leit esou den Uschäin erweckt, wéi wann elo d'Buergermeeschteren an d'Schäffe fuerchtbar Augmentatiounen géifen erliewen, well 16%, dat ass schonn eppes, mä wann een dann awer kuckt, wat d'Buergermeeschteren an d'Schäffen als Indemnitéit kréien, dann ass et net derwäert, fir iwwer Prozentsätz do ze schwätzen.

Et ass och net de Wonsch vun deene Gewieltenen an de Gemengen, fir méi eng héich Indemnitéit ze kréien, well ob de Buergermeeschter vu Fréiseng 20.000 Frang de Mount brutto kritt, oder 22.000 Frang, dofir gëtt en net méi glécklech, an dofir gëtt seng Politik net besser oder méi schlecht. Et ass awer wichteg, dass mer déi Instrumenter schafen, fir deenen eenzelne Gewieltene méi Fräizäit ze ginn, fir hirer Fonktioun kënnen méi gerecht ze ginn.

A wann een dann higeet an et géif een de Congé politique ausbauen - an do sinn ech mat mengem Virriedner eens -, da muss een driwwer diskutéieren, ob een de Congé de formation soll op sechs Deeg festleeën oder net. Wann ee genuch Congé politique huet, an et kann een am Kader vun deem Congé politique u Courte participéieren, da kéint een zwou Mécke mat engem Schlag schloen.

Well mer awer wëssen, dass mer nach net esou wäit sinn, sollte mer mat voller Energie d'Proposition de loi vum Kolleeg Jean-Pierre Klein ënnerstëtzen.

M. le Président.- Den Här Camille Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Damm an Dir Hären, ech ka mech nach ganz gutt erënnere, als klenge Jong, wéi den deemolege Buergermeeschter vun der Gemeng Biekerech mat sengem alen, groe Peugeot 404 zweemol d'Woch laanscht meng Hausdier gefuer ass. Et konnt een d'Auer drop stellen. Et war Mëttwochs- a Freidesmoies um 11 Auer, dann ass en op d'Gemeng gefuer, huet eng Rei Ënnerschrëfte gemaach an e puer Akte gekuckt. An da war och nach sechsmol d'Joer eng Gemengerotssitzung, wou e puer ech wëll net soe Banalitéiten, mä Routinenugeleeënheeten décidéiert gi sinn, an et ass e Feldwee gestëmmt ginn an 100m Waasserleitung. A wann all 15 Joer e gréissere Projet op den Ordre du jour komm ass, dann ass et héich hiergaangen. Dat ass nach alles net esou schrecklech laang hier, mä dat, wat haut och an enger klenger Landgemeng vun 2.000 Leit vir sech geet, ass mat den Zoustänn vun deemools net méi ze vergläichen.

Esou hu mir als Beispill déi dräi lescht Joren als Gemeng Biekerech net méi an net manner wéi all Joer ronn 100 Milliounen eleng am extraordinäre Budget investéiert, dat heescht praktesch an engem Joer méi investéiert wéi déi Zäit vläicht an enger oder zwou Legislaturperioden zesummen.

Och eng kleng Landgemeng wéi déi, wou ech d'Chance hunn, Buergermeeschter ze sinn, ass haut e klenge Mëttelbetrib mat 50 Mataarbechterinnen a Mataarbechter, mat engem Ëmsatz vun 350 Milliounen a mat 2.000 Clienten, wat d'Biergerinnen an d'Bierger aus där Gemeng sinn.

An och wann eng Gemeng net ka Faillite maachen, wéi et ëmmer esou schéin heescht, esou hänkt awer d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi an esou enger Gemeng wunnen, ganz vill - ech wëll net soen exklusiv, mä ganz vill - vun der Qualitéit vun den Décisiounen vun deene Responsablen of. An dofir, mengen ech, ass d'Be-grënnung vun där Proposition de loi hei sécherlech sënnavoll.

Ech hu just e bëssen eng aner Meenung, wat den Inhalt vun där Formatioun ubelaangt. Ech weess net, ob et esou néideg ass, dass een als Responsablen déi lescht legislativ Texter kennt, well déi meescht Gemengen hunn d'Chance, en excellente Gemengesekretär oder eng excellent -sekretärin ze hunn, déi et mat esou munchem Affekot kënnen ophuelen. Dofir huet ee seng Beamten a Beamtinnen. Et kann een och ouni Problem op den Know-how vu Bureaux d'études oder anere Leit vu baussen zrëckgräifen.

Wat ech géif mengen, wat wierklech wichteg wär, dat ass, dass déi Leit, déi esou e Betrib musse manegen, a Managementscource géife goen, dass se géife geléiert ginn, esou eng Gemeng net méi wéi eng Verwaltung, mä als e modernen Dénsgschtleeschtungsbetrib ze féieren, deen net soll waarden, bis d'Leit bei e kommen, mä deen och amstand ass, Visiounen ze entwéckele fir d'Zukunft,

Leit, déi capabel sinn, dee ganze Betrib als modernen Déngschtleeschungsbetrib ze géréieren.

Ech mengen, do kéint ee sech och dorop eenegen. A wa mer op där anerer Säit gären hätten, dass méi Demokratie a méi Participatioun an d'Gemengen erakommen, da muss een och deene Leit, déi d'Responsabilitéit hunn, d'Sécherheet ginn, fir esou Prozesser matzemaachen.

Et ass effektiv net esou evident, eng Ried virun enger Biergerversammlung ze halen, wou 100, 150 Leit virun engem setzen, wou eng ganz Rei dervun eventuell polemisch gëtt a Leit vun der Geleeënheet profitéieren, fir deen Ierger, dee se vläicht do setzen hunn, lass ze ginn, a wann een do net minimal deen een oder anere Cour vu Rhetorik a Gruppendynamik matgemaach huet, da kann emol esou eng Biergerversammlung riskéieren, total an d'Box ze goen, an et brauch ee sech net ze wonneren, wann e Buergermeeschter nëmmen zwou esou Biergerversammlungen hält, nämlech déi éischt an déi lescht mateneen.

Ech hunn dat Gefill, dass eng ganz Rei Leit ganz gäre méi Participatioun, méi Demokratie an hirer Gemeng géife maachen, wa se méi sécher wieren, wéi se mat esou Prozesser fäerdeg géife ginn, déi net ëmmer esou liicht ze kontrolléiere sinn an engem ganz liicht kënnen aus der Hand rutschen. Vläicht wann déi Leit méi Sécherheet hätten, méi Formatioun an deem Beräich krite, méi esou Versammlunge géifen ofgehale ginn. Vum Prinzip hier kënnen déi Gréng déi Proposition de loi absolut matdroen. Mir gesi vläicht bëssen eng aner Ausrichtung vun der Formation continue.

Ech wéilt awer och vun der Geleeënheet profitéieren, fir op een anere Problem opmierksam ze maachen, dee mat deem zesummenhängt, deen ech elo grad ernimmt hunn.

Wa mer gären hätten, dass d'Leit sech erëm an de Gemengen engagéieren, wa mer wëllen, dass déi Décisiounen, déi geholl ginn, op méi enger breeder Basis geholl ginn - an ech sinn der Meinung, dass se méi eng breet Basis solle kréien, well d'Problemer vun haut si vill zevill komplex, fir se eleng de Politiker an och den Technokraten ze iwwerloossen -, da muss ee Leit mat erunzéien, sief dat iwwer berodend Kommissiounen, sief et iwwer ad hoc-Gruppen.

Da kënnt awer och do direkt de Problem vun der Zäit. A wa mer iwwert de Congé de formation vun de politesch Responsablen nodenken, da misst een awer och am gläichen Otemzuch driwwer nodenken, ob een net eng ähnlech Saach kann aféiere fir déi Leit, déi a berodende Kommissiounen an enger Gemeng aktiv participéieren, well wéi wëllt ee verlaangen, dass déi am Bild sinn, wa se net emol eng Kéier kënnen e ganzen Dag op e Seminär goen, op interessant Colloquen, déi dorëmmer sinn. Et kann een net verlaangen, dass déi Leit, déi sech schonn an hirer Fräizäit engagéieren, och nach e ganzen Dag Congé huelen, fir un esou Formations continues deelzehuelen.

Mir plädéieren dofir, fir dee Congé de formation ze erweideren op déi Leit, déi Member si vun enger berodender Kommissioun. Et kënnt een do vläicht d'Zuel vun de Congésdeeg erfsetzen. Dat sinn alles Saachen, wou ee kënnt driwwer diskutéieren, mä dat wier eng Zousazsaach, déi mir mat abauwe wëllen. Dat gehéiert och zu enger lieweger Demokratie. A wa mer gären hätten, dass méi Leit sech engagéieren, da muss een hinnen och dozou d'Méiglechkeet ginn.

Déi zweet Saach, déi schonn hei zur Genüge genannt ginn ass, ass déi, dass mer generell eng Kéier mussen iwwert d'Méiglechkeete vun de lokale Responsablen diskutéieren. An deem Zesummenhank wëll ech nach e weidert Argument op den Dësch leeën, dat vun dem zousätzleche regionalen Engagement, wat ganz vill Leit an de Gemengen zousätzlech zu hire villen Aufgaben an hire Gemengen hunn.

Mir schwätzen hei permanent vu regionaler Zesummenaarbecht, vu multifunktionelle Syndikater. Mir sinn eis bewosst, dass d'Gemenge ganz vill Kompetenzen ewell u Syndikater delegéiert hunn; da kann et net sinn, soen ech emol, dass mer déi drëtt an déi véiert Garde an déi Syndikater schécken, dass do e puer Beamte ganz eleng d'Soen hunn. Dat wär déidlech fir d'Transparenz, fir d'Demokratie am Land.

Et muss een och vläicht nodenken, ob een an enger éischter Phas net e spezielle Congé politique fir zum Beispill d'Presidente vu Syndikater oder Membere vu Büroe vu Syndikater soll maachen. D'Gestioun vun engem Offallsyndikat wéi SIDOR, SIDEC, DEA oder och aner Syndikater, wou deelweis méi wéi 100 Leit schaffen, ass haut ze komplex, fir dass de President nëmmen all Mount eng Kéier optaucht an e puer Rechnungen ënnerschreift. Wann déi Syndikater sollen transparent bleiwen, demokratesch funktionéieren, da mussen déi Leit och d'Méiglechkeet hunn, méi present ze sinn an deene Strukturen, an dofir wëll ech dat als zousätzlecht Argument nach drop leeën, a mer mussen do eng generell Diskussioun féieren.

En attendant wiere mer awer scho frou, wa mer dës sechs Deeg weider hätten. Déi géife sécher nützelech ugewand ginn, an ech mengen, dass kee Mënsch géif vun deem Congé abuséieren. Déi Formatioun, déi de SYVICOL organiséiert huet, huet gewisen, wéivill Leit elo schonn an hirer Fräizäit kommen, an et kéimen der sécherlech nach méi, wa se eng Méiglechkeet hätten, besonnesch déi, déi am Privatsecteur schaffen, fir fräi ze kréien. Dofir wäerte mir als Gréng déi Proposition de loi mat deene Remarken, déi ech gemaach hunn, selbstverständlech ënnerstëtzen.

M. le Président.- Domat wier dës Punkt ofgeschloss.

Mir kommen zum nächste Punkt op eisem Ordre du jour, an dat ass d'Proposition de loi 4642 vum Här Alex Bodry iwwert d'Schafe vun engem Energiefong. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Weiler, Calmes, Mehlen a Gira.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den Här Alex Bodry.

8. Proposition de loi 4642 de M. Alex Bodry portant création d'un fonds pour l'énergie

M. Alex Bodry (LSAP), auteur. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bei der Schafung vun engem Energiefong geet et drëm, dass mer Neel mat Käpp maachen, wat d'Energiepolitik hei zu Lëtzebuerg ugeet.

Ech mengen, et geet net duer, dass bal all d'Partei regelméisseg op d'Noutwendegkeet hiweisen, dass mussen Initiative geholl ginn am Beräich vum Energiespueeren, vun der rationeller Energienotzung, vun der Förderung vun den erneierbaren Energien, dat am Sënn vun engem schounenden Ëmgang mat den natierleche Ressourcen, am Sënn och vum Klimaschutz. Et geet net duer, dass mer ëmmer erëm déi Absichtserklärungen maachen an héieren, mir mussen eis och gläichzäiteg déi praktesch, gesetzlech Mëttele ginn, fir déi doten Absichten an Zilsetzungen och ëmzesetzen.

Et ass fir mech eng Evidenz, dass, wann ee wëllt wierklech e Sprong no vir maachen an der Energiepolitik, dozou och gehéiert en neit Finanzinstrument, an zwar en Energiefong, wou sämtlech staatlech Finanzmëttele konzentriert ginn, déi da gezielt, ouni ëmmer mussen un dee järeleche Rhythmus vu Budget gebonnen ze sinn, a laangfristeg Projeten investéiert ginn, sou wéi dat ganz normal a ville Beräicher vun der staatlecher Interventioun och schonn haut de Fall ass.

D'Iddi vun der Schafung vum Energiefong ass keng nei Iddi, a vill vun deene Fraktiounen, déi hei am Parlament vertratt sinn, hunn eigentlech eng Vergaangenheet an deem doten Dossier an an iergendenger Form, sief et als Regierungspartei, oder als Oppositionspartei, scho virun enger Rëtsch vu Méint Stellung bezunn zu deem dote Problem. Mä dat war virun de Walen. Ech hoffen, dass se och no de Walen nach zu deem stinn, obschonn ech e bëssche méi skeptesch gi sinn op Grond vun deenen Diskussiounen vun deene leschte Méint an eenzelne Kommissiounen, ob se nach zu deem stinn, wat se virun de Wale gutt fonnt hunn.

D'Demokratesch Partei huet an hirem Walprogramm, a besonnesch och an hiren Theesen zur Energiepolitik, déi se e puer Méint virun deene leschte Parlamentswale virgestallt huet, sech kloer bekannt zur Schafung vun engem Energiefong. D'CSV huet als Regierungspartei zwar e Virstouss vum fréieren Energieminister ofgeblockt, fir esou en Energiefong iwwert d'Budgetgesetz 1999 ze schafen, mä si huet awer e puer Méint méi spéit gréng Luucht ginn vum nationale Plang fir nohaltege Entwécklung. An deem nationale Plang steet als konkret Moosnam dran d'Schafung vun engem staatlechen Energiefong.

Et gesäit een also, wann ech nëmmen déi zwee Beispiller do huelen, dass eigentlech zumindest - an ech drécke mech virsiichteg aus - e Préjugé favorable bestanen huet, fir esou eppes anzeféieren. Ech stelle fest, dass

een am Regierungsprogramm keng Trace vun esou engem Energiefong fënnt. Ech stelle fest, dass bei den Diskussiounen zum Statsbudget fir d'Joer 2000 en Amendement vun der sozialistescher Fraktioun zu deemselwechten Thema vun de Regierungsparteien an der Finanzkommissioun ofgeblockt ginn ass. Ech si virwëtzeg ze héieren, wat dann elo d'Haltung vun deenen eenzelne Fraktiounen zu dëser Proposition de loi ass.

Den Energiefong brauche mer, fir d'Garantie ze hunn, dass genügend Finanzmëttele iwwert déi nächst Joren zur Verfügung stinn. Dofir presentéiert sech dës Proposition de loi och sécherlech am Zesammenhang mat der Diskussioun, déi mer an der Chamber amgaange sinn ze féieren an hiren Ofschloss deemnächst wäert kréien, iwwert d'Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv iwwert d'Liberaliséierung vum Stroummaart.

Et ass wichteg, dass een déi Suen, déi do gesammelt ginn iwwert déi Stroumtax, och asetzt am Energiesektor. An déi eenzeg legal Garantie, déi een huet, fir dat ze maachen, ass, dass een déi Einnahmen do affektéiert an deen dote Fong, fir dass kann déi Politik do iwwert déi nächst Jore gemaach ginn, op enger zolider, ofgesécherter finanzieller Basis, déi méi sécher ass, wann een ausschliesslech op järelech Dotatiounen iwwert de Statsbudget ugewisen ass.

Wat elo d'Ausrichtung vun deem heite Fong ugeet, sou hunn ech Rechnung gedroen - obwuel mer eigentlech déi Opdeelung net passt - de ministerielle Kompetenzen, wéi d'Regierung se elo festgehalen huet, dat heescht dass souwuel de Wirtschafts- wéi och den Ëmweltminister, schéngt et neierdings, Zoustännegkeet hunn an deem dote Beräich vun der Energiepolitik. Dofir kënnt a menger Proposition de loi den Energiefong stoen ënnert d'Responsabilitéit vun deenen zwee Ministeren. Ech verheemlechen net, dass ech léiwer gehat hätt, et wär eleng den Ëmweltminister. Ech ginn awer vun der politescher Realitéit aus, wat d'Opdeelung vun deene politesche Kompetenzen ugeet.

Donieft hu mer, wéi bei anere Fongen, e Comité agest, wou och aner Départementer dra vertratt sinn, déi déi pluriannuell Gestéierung vun deem Energiefong maachen, an et ass och ausdrécklech virgesinn, dass och de Conseil national de l'Energie ka mat erugezu ginn, fir Virschléi ze maachen, fir berodend an där Ausschaffung vun der Investitiounsplanung am Energieberäich ze funktionéieren.

Weider war et meng Suerg, dass mer och déi néideg Transparenz an déi Aarbecht vun deem Fong do kréien. Dat ass jo net ëmmer zu Onrecht en Uleies vun der Chamber gewiescht, dass do soll déi néideg Öffentlecheit vun där Aarbecht garantéiert bleiwen. Doduerch dass all Joers muss e Rapport gemaach ginn, dass beim Budget muss no hanner gekuckt an de Bilan gezu ginn, wat gemaach ginn ass, respektiv eng pluriannuell Planung no vir gemaach gëtt, mengen ech, sinn déi Kriticken, déi ee ka fir all d'Fonge beim Stat äusseren, wäitgoend entkräft. Dat do misst eigentlech dat Instrument duerstellen, dat eis et erméiglecht, an der nohalteger Energiepolitik an deenen nächste Jore virun ze kommen.